# Asbl AHA: "Net reliéis? Stéi dozou!"-Nei Campagne

RTL - 11.04.2011, 18:25 - Fir d'lescht aktualiséiert: 12.04.2011, 08:34

"Net reliéis? Stéi dozou!" ass den Ophänkert vun enger Sensibiliséierungscampagne op Autobussen, Autocollanten an Depliante vun der Asbl Aha!




*© Nico Pleimling*

Aha! steet fir Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker an déi jonk Associatioun huet hir aktuell Campagne um Knuedler presentéiert.

Aha! gouf viru knapps engem Joer am Mee gegrënnt a goung viru ronn 5 Méint un d'Ëffentlechkeet. D'Asbl setzt sech an fir d'Interêten vun Humanisten, Atheisten, Agnostiker an aneren net gleewege Mënschen zu Lëtzebuerg, awer och fir en humanistesche Liewensstil ouni Relioun, deen op engem naturalisteschen a rationelle Weltbild opgebaut ass. Um Pabeier liewen am Grand-Duché ronn 96 Prozent Katholiken, an der Realitéit wier dat awer net esou, mengt de Laurent Schley, Biolog a President vun Aha.

An deem Sënn wëll Aha! déi net-reliéis Leit zu Lëtzebuerg sensibiliséiere fir sech méi no Baussen ze weisen, fir dass déi ganz Beweegung méi e grousst politescht Gewiicht kritt. Nieft dem Slogan „Net reliéis? Stéi dozou!“ ass op Autobussen an Deplianten eng duerchaus provokativ Foto ze gesinn, eng Allusioun un den Adam an d'Eif, déi allebéid an e rouden Apel bäissen. D'Campagne op 5 Bussen, déi op den Haaptachsen an der Stad zirkuléiere leeft iwwer 3 Méint.

Iwwregens: wie Member vun Aha! gëtt, muss net forcément aus der Kierch austrieden. Méi Informatiounen iwwer déi jonk Asbl gëtt et am Internet ënner www.aha.lu